N°576
Entrée le 04.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.04.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Energie weiderzeleeden.**

An de leschte Joren hunn ëmmer méi Leit eng Solaranlag (Photovoltaikanlag) op den Daach vun hirem Haus installéiert. Dës Politik bréngt fir d'Leit verschidde Virdeeler an hëlleft virun allem eisem Land, fir dem Klimawandel entgéintzewierken a méi onofhängeg vum Ueleg aus anere Länner ze ginn.

Als Independant kann ee verschidde Käschten als Charges d'exploitation geltend maachen, wann dës am Zesummenhang mat de professionellen Aktivitéite vun der Firma sinn. Ee klassescht Beispill dofir sinn d'Käschten vun engem Auto, dee fir d'Aktivitéiten vun enger Firma genotzt gëtt. Beim klassesche Verbrenner kann de Steierzueler d'Rechnung vum Sprit oder vun der ëffentlecher Luetstatioun direkt dofir notzen am Zesummespill mam Faahrtebuch. Et gëtt allerdéngs e bësse mi onkloer, wann de Stroum fir den Elektroauto am Doheem vum Steierzueler gezaapt gëtt.

Um Site vun der Steierverwaltung ass Folgendes erkläert:
*"les frais de voiture subis par le chef d'entreprise ne seront déductibles que dans la limite de l'utilisation professionnelle de la voiture. Il appartient au chef d'entreprise d'apporter la preuve du caractère déductible de la dépense, par exemple sur base du carnet de route."*

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Op wéi eng Modalitéite muss de Steierzueler oppassen, wann hien de Stroum, deen hien aus senger Solaranlag fir ee Firmenauto zaapt, als Charges d'exploitation wëll geltend maachen?

2. Wéi eng Beweiser muss de Steierzueler an dësem Fall kënne presentéieren, fir de gezaapte Stroum als Charge d'exploitation kënne geltend ze maachen?

3. Wéi eng Plaffongen oder Limitten gëllen an dëse Fäll?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten

N°576
Entrée le 07.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, op d'parlamentaresch Fro n°576 vum 4. Abrëll 2024 vun den éierbaren Deputéierte Ben Polidori a Marc Goergen**

Am Artikel 45 vum Akommessteiergesetz ass verankert, datt d'Betribskäschten ofzezéie sinn, wann d'Käschten exklusiv duerch d'Gesellschaft verursaacht gi sinn.

Déi steierlech Konsequenzen am Kader vum Bedreiwe vun enger Solaranlag ginn an der Circulaire L.I.R. n°14/2 vum 5. Juni 2023 beliicht. Do gëtt op 3 Méiglechkeeten higewisen, wou de Steierflichtegen déi ganz Stroumproduktioun un de Gestionnaire vum elektresche Réseau verkafe kann, de Stroum selwer verbraucht, respektiv een Deel verkeeft an de Rescht fir sech behält, fir privat, respektiv professionell Notzung falls d'Solaranlag sech och am Bilan vun der Gesellschaft befënnt.

Generell ginn d'Deplacementer vun engem Firmenauto am Faartebuch opgefouert, an d'Käschte vun de geluedene Kilowattstonnen (kWh) gi wéi all aner Käschten a Bezuch op de Firmenauto behandelt. Als Vereinfachung fir d'Berechnung vun de Luedkäschte vun engem Firmenauto kann de Kilowattstonnepräis vun der Stroumrechnung geholl ginn, dee mam Verbrauch vum Auto op den zréckgeluechte Kilometer verrechent gëtt. Dëst kann der Steierverwaltung mat enger Pièce probante matgedeelt ginn (wéi z.B. enger ausgestallter Rechnung wéi vill Kilowattstonne vum Elektroauto gezu goufen).

Lëtzebuerg, de 7. Mee 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth